**Här Claude Wiseler**
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 27. Mee 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **urgent** parlamentaresch Fro iwwert **d'Informatiounen am Courrier zu der Bréifwal** un den **Här Inneminister** weiderzeleeden.

Zanter der leschter Woch ginn d'Courriere fir d'Bréifwal un d'Bierger:inne geschéckt, déi sech fir d'Europawale vum 9. Juni 2024 fir d'Bréifwal ageschriwwen hunn.

De Courrier beinhalt nieft dem Stëmmziedel an den Enveloppë fir de Retour och déi individuell Convocatioun, wéi och en Dokument mat Erklärunge fir d'Bréifwal richteg zeréckzeschécken. D'Dokument, op deem erkläert gëtt, wéivill Stëmmen ee ka verginn a wéi ee richteg wielt schéngt a munche Gemengen awer net deel vum Envoi ze sinn. Wien niewt senger Convocatioun just d'Dokument "Prozedur fir d'Bréifwal" matgeschéckt krut, huet also net all d'Informatiounen déi noutwendeg sinn fir de Stëmmziedel richteg auszefëllen, schlëmmer nach, d'Piktogramme suggeréieren esouguer, dass ee just 5 Kräizer dierf maachen.

An dësem Kontext erlaben ech mer et follgend Froen un den Här Minister ze stellen :

1. **A wéi ville Gemenge gouf d'Dokument mat den Erklärungen zur Stëmmevergab net matgeschéckt?**
2. **Wéi gesäit den Här Inneminister d'Problematik vun de feelenden Informatiounen am Courrier fir d'Bréifwal wat d'Validitéit vun de Walen ugeet?**
3. **Wat plangt den Här Inneminister, fir déi onkomplett Informatioune richtegzestellen?**
4. **Wier et net sënnvoll, an deene vum Oubli betraffene Gemengen eng statistesch Analys vun der Bréifwal ze maache, fir den Impakt vun der feelender Informatioun op d'Walverhale vun de Bierger:innen z'analyséieren?**

Mat déiwem Respekt,

**Meris SEHOVIC**
Députéierten